NEWSLETTER SEPTEMBER 2017

Goldexpeditiounen

Julien, Claire, Keila, Florian, Charles an Eric
Lycée Aline Mayrisch

Fir eis Expeditioun beim Mérité Jeunesse hu mir een Hike an Norwegen organiséiert. Eist Thema vum Trip war de Lysefjord, a bëssen méi am Detail de Preikestolen an d' Florli Trapen. D'Ziel war beim Ufank vum Fjord ze starten an zum Schluss zu Lysebotn, also um Ënn vum Fjord unzekommen, an iwwerdeems Highlights eweí de Preikestolen an d' Florli Trapen (4444 Holztrapen) ze entdecken.

Eppes Spezielles wat mir während dem Hike erlieft hunn, ass d'Frëndlechkeet vun den Norweger. Zum Beispill huet eis een Norweger mat op säi Boot geholl an eis nach eng Kéier de ganze Fjord gewisen. Ouni sie wär eis Experienz net déi selwecht gewiescht a mir sinn hinne ganz dankbar dofir.

Claire, Lisi, Vicky a Christine
EPF an LGE

Mir hunn an der Päischtvakanz eis Goldexpeditioun an de Pyrenäen, um Mëttelmier op der franséisch-spuenescher Grenz gemaach. D'Expeditioun war nawell ustrengend, mee mir goufe belount mat wonnerschéine Vuen! D'Géigend ëm Banyuls ass immens schéin, well do d'Mier an d'Bierger aneneen iwwerginn.

« President's Award » a Südafrika

A Südafrika existéiert de Mérite Jeunesse ënnert dem Numm « President's Award » (nom Nelson Mandela benannt) an do si Jonker mat ganz ënnerschiddlechem soziale Background aktiv. E puer vun hinne sutze souguer schon am Prisong an den Award huet hinne gehollef erëm zréck op de richtege Wee ze fannen. Am Abrëll hate Schüler aus dem Athénée déi grouss Chance mat Jonke vun dohanne kënnen ee Vëlostour ze maachen an esou d'Liewen an d'Leit dohanne besser kennen ze léieren.

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg

Projet résidentiel an Expeditioun am Nepal

13 Jonker aus der Europaschoul vum Kierchbierg waren am Juli fir 3 Wochen an den Nepal wou si fir d'éischt een Hike vu 4 Deeg duerch d'Bierger gemaach (Héichpunkt war de Ghorepani mat 3250m) an ongeféier 100 Kilometer zréckgeluecht hunn. Dësen hu sie schonn am November 2016 ugefaange mat plangen. Dunn hu sie am Duerf Gorkha wat bei den Erdbiewen 2015 zerstéiert gouf gehollef eng Primärschoul erëm opzebauen.

Während 6 Deeg hu sie an Zesummenaarbecht mat der *YYY Foundation* an der *Mandala Organisation* geschafft an sie hun ënner aanerem gegruewen, Beton gemaach, Maueren ugestrach an esou een Deel vun der Schoul nei opgeriicht. Ausserdeem hu se d'Schoul mat neiem Material ausgestatt wat sie Dank de Spende konnte kafen.

Déi lescht Deeg sinn déi Jonk dunn op Chitwan gefuer an do op Elefante geridden an haten d'Chance Krokodiller ze gesinn an d'Land a seng Kultur nach besser kennen ze léieren. Déi Zäit am Nepal war eng onvergiesslech Erfarung fir déi Jonk aus der Europaschoul.

Nationalexpeditioun - Finale

Den 19. Mee war de Start vun der Nationalexpeditioun zu Ettelbréck um Camping. Et hunn sech Participanten aus 9 verschiddene Schoulen zesummefonnt a sinn a Gruppe vu 4-7 Leit a verschidde Richtunge lassgaange fir dann 2 Deeg drop zu Iechternach unzekommen.

10. EMAS Regional Conference

Vum 10.-13. September ass zu Madeira déi 10. EMAS Regional Conference wou Vertrieder vum International Award aus verschiddene Länner sech zesummesetze fir iwwer d'Ëmsetzung an d'Erfahrunge mam Award ze diskutéieren. Ausserdeem ginn all Dag Workshops zu ënnerschiddlechen Themen innerhalb vum Award ugebueden. Fir Lëtzebuerg ass S.A.R. de Prënz Guillaume an de Pierre Matagne aus dem Conseil d'Administration op der Plaz.

Agenda

04.10.17	Presentatioun am NOSL mam Prënz Guillaume
12.10.17	Presentatioun am LCD mam Prënz Guillaume
21.10+22.10.17	Formatioun Tuteur (Sprooch LU)
25.10.17	Soirée des tuteurs
07.11.17	Presentatioun am LAML mam Prënz Guillaume
11.11.17	Atelier Expeditioun
27.01.18	Atelier Expeditioun
23.03-25.03.18	Nationalexpeditioun – Preparatioun
21.04.18	Formatioun Tuteur an Holland (Sprooch EN)
04.05-06.05.18	Nationalexpeditioun – Finale

Léiwe Participant…

Project Squat/ Makerspace

Wanns du nach eng Plaz sichs fir am Beräich Talent kreativ kënnen ze ginn, da komm an de Forum um Campus Geesseknäppchen an de Project Squat oder Makerspace. Am Makerspace kanns du zum Beispill 3D printen, mat Lasercutter schaffen oder eegen Audio- a Videoopname maachen. Am Project Squat hues du d'Méiglechkeet fir mat der Ënnerstëtzung vu professionelle Coachen, ewéi Graphikdesigner oder Eventmanager, denger Fantasie a Kreativitéit fräie Laf ze loossen an u Produiten a Projeten ze schaffen.

Prix du Mérite

Sidd dir oder kennt dir ee Grupp vu Jonke Leit zwësche 14-25 Joer déi an engem Projet engagéiert sinn deen eng Unerkennung verdéngt? De Projet kann aus folgende 4 Beräicher kommen: Benevolat, Aventure an Entdeckung, Talent a Kompetenzen oder aus dem Sport. Dir kënnt iech bis den 1. Dezember fir déi 12. Editioun vum Prix du Mérite umellen. Weider Detailer fann dir op eisem Internetsite.

Carnet de Bord

Op eisem Internetsite fënns du neierdéngs och de Carnet de bord fir deng Ënnerschréften ze sammelen op Lëtzebuergesch.

Wat gehéiert a wéie Volet?

- Yoga+Pilates -> Sport
- All Danzstil -> Sport
- Reiden -> Sport
- Arbitter+ 1.Hëllef -> Benevolat
- Ausbildung Arbitter + 1.Hëllef -> Talent

Promotiounsvideo

Bass du drun interesséiert bei engem Promotiounsvideo vum Mérite Jeunesse matzemaachen an entweder iwwert deng Erfarungen ze schwätzen oder ee vun denge Volete kuerz ze presentéieren? Da mell dech op folgender Mailadress: monique.kellen@youth.lu

Léif Responsabel…

Statistik Participanten

Denkt drun den Update vun der Statistik aus ärer Unitéit bis Enn Dezember am Büro eranzereechen.

Proud to be
THE DUKE OF EDINBURGH'S INTERNATIONAL AWARD
In Luxembourg